LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 21 FEV. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 FEV. 2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1717 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1717 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130-000008-20040525-FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Äntwert vun der Madame Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an der Madame Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°1717 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen betreffend "Convention entre le Naturpark Our et le Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région concernant un partenariat national des cours d'eau"**

1. ***Wat fir eng Resultater huet deen uewe genannte Projet bis elo bruecht?***

D'Flosspartnerschaft « Naturpark Our » ass nieft de Flosspartnerschaften Uewersauer, Attert, Syr, Uelzecht an Kor eng vun 6 Flosspartnerschaften zu Lëtzebuerg. D'Flosspartnerschaft « Naturpark Our » baséiert op den Artikel 55 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 a Bezuch op Waasserpartenariat'en an op d'Konventioun vum 29. Februar 2012 tëschent dem deemolege Ministère fir den Intérieur an d' Groussregioun, deen bis Dezember 2013 fir d'Waassergestioun zoustänneg war, an dem Syndikat fir den Aménagement an d'Gestioun vum Naturpark Our. Dës Konventioun gouf am Dezember 2016 tëschent dem Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an dem Syndikat fir den Aménagement an d'Gestioun vum Naturpark Our verlängert. D'Flosspartnerschaft schafft um Gebitt vun de Gemengen vum Naturpark Our.

D'Flosspartnerschaft, esou wéi et am Artikel 55 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 definéiert ass, ass en Instrument deen dozou déngt d'Leit, déi am Waassersecteur schaffen, an d'Ëffentlechkeet z'informéieren an ze sensibiliséieren wat d'Waassergestioun ugeet an datt se och finanziell vum Staat kënne gehollef kréien. D'Flosspartnerschaft Naturpark Our engagéiert sech fir d'Zieler an strategesch Missiounen vum Bewirtschaftungsplang auszeféieren.

D'Flosspartnerschaft engagéiert sech fir Informatiounsaarbecht, Ëffentlechkeetsaarbecht, Ausbildungsaarbecht an Ofstëmmungsaarbecht auszeféieren. Leit, déi am Waassersecteur schaffen an d'Ëffentlechkeet sollen informéiert an sensibiliséiert ginn fir eng global an integréiert Féierung vum Waasserzyklus a fir en ekologescht Weiderféieren. Dësweideren sëtzt d'Flosspartnerschaft technesch Moossnamen ëm, wéi zum Beispill:

- Matschaffen fir eng ofgestëmmte Bewirtschaftung am Anzuchsgebitt
- Matschaffen um Erstellen vu Bewirtschaftungspläng am Anzuchsgebitt
- Matschaffen un der Ëmsetzung vun Hëllefen an der Waasserwirtschaft
- Matschaffen un der Ausféierung vu Fuerschungsprogrammen an Aktiounspläng fir d'Erhalen oder Verbesserung vun der Waasserqualitéit an ekologesch Funktionalitéit
- Matschaffen fir wëssenschaftlech Daten ze sammelen an Ofsprooch mat der Waasserverwaltung.

D'Flosspartnerschaft « Naturpark Our » huet zënter senger Grënnung am Joer 2012 aktiv matgehollef dës Zieler z'erreechen.

2. ***Wat huet de Projet bis elo kascht?***

Di folgend Tabell resüméiert déi finanziell Ënnerstëtzung, déi d'Flosspartnerschaft « Naturpark Our » vum Staat kritt huet :

| Joer | Betrag |
|---|---|
| 2011 | 7.500,00 |
| 2012 | 28.000,00 |
| 2013 | 35.806,12 |
| 2014 | 44.000,00 |

| | |
|---|---|
| 2015 | 42.600,00 |
| 2016 | 50.805,00 |
| 2017 | 51.132,00 |
| 2018 | 54.800,00 |
| 2019 (Acompte 1. Semester) | 23.185,52 |
| Total | 337.828,64 |

Dobäi duerf een nët vergiessen dass d'Gemengen, déi am Naturpark Our derbäi si, och zum Budget bäidroen. D'Montant'en déi vun de Gemengen bäigedroen goufen, sinn am folgenden Tableau resüméiert.

| Joer | Betrag |
|---|---|
| 2012 | 7.385,21 |
| 2013 | 18.270,81 |
| 2014 | 22.738,94 |
| 2015 | 21.162,44 |
| 2016 | 19.844,15 |
| 2017 | 16.540,38 |
| 2018 | 27.201,54 |
| 2019 (1. Semester) | 5.706,85 |
| Total | 138.850,32 |

3. ***Kann d'Regierung eis eng Oplëschtung vun de Mesure ginn, déi bis elo am Kader vun deem Projet konkret ëmgesat goufen?***

*A. Op kommunalem Niveau*

A1 Di betraffe Leit an d'Ëffentlechkeet ze versammelen an opmierksam ze maachen

- Schafe vum Comité vum Naturpark Our am Joer 2012
- 12 Versammlungen vum Comité vum Naturpark Our vun 2012 bis 2019
- Organisatioun vun 7 nationale Konferenzen an Zesummenaarbecht mat anere Flosspartnerschaften am Kader vum Weltwaasserdag
- Sammelen a Weiderleeden vun de regionalen Aussoen iwwer de Projet vum 2te Bewirtschaftungsplang

A2 Berodung zur Ausschaffung vu Projeten betreffend d'Waasserleef

- Weisen vun den nationale Bewirtschaftungspläng (2008-2014, 2015-2021) an berodend Versammlungen mat de Gemengeréit, déi am Naturpark vertruede si
- Berodungsversammlungen mat Privatleit zur Ausschaffung vu Projeten betreff Waasserleef

A3 Sensibiliséierungsaarbecht an der Flosspartnerschaft „Naturpark Our"

- Schafen an Ausdeele vun engem Informatiouns- an Sensibiliséierungsblat vun der Flosspartnerschaft „Naturpark Our" an all Joer e Prospekt iwwer de Weltwaasserdag
- Verwalten vum Internetsite „www.flusspartnerschaften.lu"

- Beitrag, Forderung an aktiivt Deelhuelen un den Aktivitéiten vum nationale Partenariat „--- ouni Pestizidien"
- Organisatioun vun 21 Edukatiounsatelieren fir d'Ëmwelt am Kader vum Weltwaasserdag, lokalen a regionale Manifestatiounen a vum Aktivitéitsprogramm fir Kanner vum Naturpark Our.

A4 Sensibilisatioun an ausféiere vu spezifesche Projeten laanscht Flossleef

- Organisatioun vun 2 geziilten Formatiounsseminären fir Fortgeschrattener an 3 ëffentlech Informatiounsversammlungen fir d'Ausschaffe vun den Nationale Bewirtschaftungspläng.

*B. <u>Op nationalem Niveau</u>*

B1 Bewirtschaftungsplang, Fuerschungsprogrammer, Aktiounspläng

- Iwwerwaachung vun der Ëmsetzung vum Moossnamekatalog 2011 – 2013 vum Projet INTERREG IV-A eng Flosspartnerschaft fir de Grenzfloss Our;
- Entwécklung vun engem Aktiounsplang fir d'Opfanggebidd vun de Gewässer am Naturpark Our (2015);
- Pilotprojet Salix: Zuucht a Planzen vun einheimeschen Arte vun Wedden laanscht d'Flossleef am Naturpark Our;
- Entwécklung vun engem Guide fir den Entworf, d'Ariichten an den Ënnerhalt vu kommunale Gréngflächen esou natierlech wéi méiglech an ouni Pestiziden an de Membergemengen vum Naturpark Our;
- Machbarkeetsstudie fir d'Renaturéierung vun der Tandelerbaach nom Moossnahmeprogramm vum nationale Bewirtschaftungsplang;
- Machbarkeetsstudie fir d'Renaturéierung vun der Stol nom Moossnahmeprogramm vum nationale Bewirtschaftungsplang;

B2 Sammelen, Veraarbechten an Iwwerdroe vu wëssenschaftlechen Donnéeën

- Kaartograféieren vu stéierende Facteuren an den Opfanggebidder vun der Woltz/Clerve, Schlënner a Blees
- Kaartograféieren vu stéierende Facteuren an der Wemperbaach op Basis vum Moossnameprogram vum nationale Bewirtschaftungplang

B3 Deelhuelen un der Entwécklung vu Bewirtschaftungpläng vun Opfanggebidder

- Analyse, Auswäertung a Stellungnahm zum Projet fir den 2ten nationale Bewirtschaftungsplang vun de Flossleef

B4 Ënnerstëtzung fir d'Ëmsetze vun Hëllefsprogrammer fir d'Waasserwirtschaft

- Berodend Versammlungen mam Gemengerot vun de Gemengen déi Member vum Naturpark si;
- Berodend Versammlungen a regelméissegen Austausch mat Vertrieder vun der Waasserverwaltung a vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

***4. Kann de Projet als ofgeschloss ugesi ginn ? Wann nee, wat fir eng Mesure mussen nach ëmgesat ginn an a wat fir engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Mesure gerechent ginn?***

De Projet Flosspartnerschaft « Naturpark Our » kann op kee Fall als ofgeschloss ugesi ginn.

Esouguer wann en Deel vun de Moossnamen, déi an der Wasserrahmenrichtlinie (2000/60/CE) an och an der Héichwaasserrisikodirektiv (2007/60/CE) abegraff sinn, elo schonn ausgefouert sinn, mussen di meescht vun dëse Moossnamen nach ëmgesat ginn. Ausserdeem wäert ab 2021 den drëtten Zyklus vun de Bewirtschaftungspläng ufänken fir d'Period 2021-2027, wou eng grouss Unzuel vu Moossnamen mussen ëmgesat ginn fir de gudden ökologeschen Zoustand vun de Waasserleef ze erreechen.

D'Flosspartnerschaft « Naturpark Our », ënnert der Obhut vum Naturpark Our ass eng wäertvoll Hëllef am Prozess beim Ëmsetze vun de verschiddene Moossnamen. D'Flosspartnerschaft ass duerch hiert Terrainswëssen an hir aktiv Präsenz bei den lokalen Acteuren eng bedeitend Hëllef fir d'Administratiounen beim Ëmsetze vun de Moossnameprogrammer. Dëst duerch hir Ënnerstëtzung bei der Prioriséierung, der Planung an der Ausféierung vun de Moossnamen an, falls et néideg ass, och beim Ënnerhalt.